## Wëllkomm an de Schoulen vum Réseau vun der Doctrine Chrétienne!

D'Schoul an déi s du gees ass een Deel vun engem Réseau vun 6 Schoulen a Frankräich, zu Lëtzebuerg an an der Belge , déi gemeinsam Wäerter deelen.

*D'Schoulen vun der Doctrine Chrétienne sinn:*

1. **Plazen déi fir jiddereen op sinn**

Mir bidden all Schülerinnen a Schüler di selwecht Chancen, onofhängeg vun hirer sozialer Herkunft an hiren reliéisen an kulturellen Traditiounen.

*Du entwéckels bei eis eng Haltung vun Respekt, vun Nolauschteren an Zesummenaarbecht.*

2. **Plazen vun Wuesstem an Erfëllung**

Duerch den Unterrecht probéiere mir ze weisen, dass d'Welt an alles wat mir erliewen en Sënn huet. Mir bidden de Schülerinnen a Schüler e Vertrauensverhältnis dat op Nolauschteren an Dialog baséiert.

*Du gewënns bei eis un Wäertschätzung a Kreativitéit.*
*Du entdecks deng Talenter an entwéckels dat Bescht an dir.*

3. **ugedriwwen vun Exzellenz**

Mir sëtzen ons dofir an excellent Schoulen ze sinn. Mir maachen eist Bescht fir sécher ze goen, dass all Schülerinnen a Schüler hir Zieler erreechen kënnen.

*Duerch däin Engagement dréis du dozou bei en Arbechtsklima ze schafen dat usproochsvoll awer och rücksichtsvoll ass.*

4. **an der Ausbildung vun de Biergerinnen a Bierger vun muer engagéiert**

Mir wëllen op Kulturell, politesch an ökologesch Erausfuerderungen reagéieren, fir zesummen eng méi gerecht an human Gesellschaft opzebauen.

*Du léiers bei eis e fräien, solidareschen an verantwortungsbewossten Bierger ze ginn.*

5. **vum Evangelium inspiréiert**

Mir fannen eis Fundament an der Haltung vun Jesus Christus an de Wäerter vum Evangelium, déi och am allgemengen Interessi vun der Mënschheet sinn.

*Du entdecks a liefs des Wäerter an eiser Schoulgemeinschaft duerch pedagogesch Projeten an deeglechen mënschlechen Austausch.*